

## Rapport Klimateam an Umweltkommissioun – 12.07.2022

**Présent:** Thomas Rünneburger, Jos Schoellen, Jean-Marie Beneké, Sam Serres, Nadine Alfter, Fabrice Ramillon

**Absent:** Dan Schaaf, Luc Etringer, Paul Hendel, Jean-Jacques Conrardy, Fabio Cumetti, Tom Leonardy, Fränk Schmit Jean Nies, Roby Alfter, Metty Steinmetz, Christopher Witry

### **Feedback „Energy-Day“ – 15.05.2022**

Den Dag ass u sech sou ofgelaf wéi geplangt. Wëssend datt d' Aweigung vun der Wandmillen natierlech d'Attraktioun vum Dag war, ass awer och an der Scheier alles no Plang gelaf.

Ech schécken iech och hei den Text, wéi en an de nächste ROMO wäert kommen. Dat ass u sech e gudde Résumé.

*De 15. Mee huet d'Klimateam vun eiser Gemeng den « Energy Day » organiséiert.*

*An Zesummenaarbecht mat der SOLER konnten d'Leit deen Dag och d' Wandmillen um Pafebierg besichen an mat engem VR-Brëll souguer bis un d'Spëtz dovunner fléien.*

*Am Sënn vum Dag war och eng Null-Emissioun Navette organiséiert ginn, déi de ganzen Dag tëscht der Hierber Scheier an dem Pafebierg zirkuléiert ass.*

*Nieft lokalen Produzenten ronderëm Leckereien fir ze iessen an ze drénken, konnten d' Leit sech an der Hierber Scheier iwwer déi divers Energiequellen aus eiser Gemeng informéieren.*

*Eise Service forestier wéi och den Energiepark-Mëllerdall hunn sech zur Verfügung gestallt fir den interesséierte Leit op hir Froen ze äntweren.*

*Baussent der Scheier konnt een sech der Elektromobilitéit widmen. Nieft zwee Elektroautoen, déi ee konnt ausprobéieren, gouf et och d' Méiglechkeet fir mat engem E-Mountainbike vu Rent-a-Bike e flott Tour duerch de Bësch ze maachen. An dem Kontext konnt een sech och beim Syndicat-d'Initiative Rouspert-Mompech informéieren, wat fir flott Vélosweeër een do ka benotzen. Dorënner natierlech och eisen Tudor-Tour, deen duerch déi ganz Gemeng verleeft.*

*Am Nomëtteg war et un véier flotten an interessanten Presentatiounen. Nieft dem João Martins, deen de Musée Tudor vu Rouspert presentéiert huet, goufen et och Neiegkeeten zum Naturpakt, dem eis Gemeng och lo ugehéiert.*

*Duerno huet d'Klima-Agence erkläert wat fir eng nei Subsidien een als Privatpersoun kann ufroen, wann ee säin Haus méi nohalteg wëllt equipéieren. Ganz interessant, wann een an PV-Anlagen oder eng méi ëmweltbewusst Heizung wëllt investéieren.*

*Nieft dem Naturpakt war et dann awer och um Klimapakt. Hei hu Memberen aus dem Klimateam erkläert wat de Klimapakt ass, wat weiderhin vun der Gemeng an dem Beräich gefuerdert ass a wat de Klimapakt der Gemeng, an domadder och hiren Awunner, bréngt.*

*Et war eng flott 1. Editioun vun dësem Dag a mir soen all de Leit déi zum Erfolleg bäigedroen hunn e grouse Merci.*

Wat natierlech flott a gläichzäiteg och net, dat war dat schéint Wieder. Et war ganz waarm an der Scheier an et huet d'Leit bei de Präsentatiounen net onbedéngt an d'Scheier gezunn. De Feedback, inhaltlech, war awer duerchaus positiv.

Fir d'Zukunft musse mir eis nei Iddien iwwerleeën, wéi sou een Dag kéint ausgesinn an och wéi mir dat kommunizéieren. Schliesslech hu mir net all Joer eng Wandmillen, déi muss ageweit ginn 😊.

An dem Kontext huet den Thomas **CELL** erwähnt. Hei ass et de Nori Schneider, deen fir d'Klimapaktgemengen GRATIS schafft. Wann een do am Virfeld géif uklappen, da kéint een och kucken fir d'Leit méi bei sou engem Event anzebannen. Dëst an Form vu Workshops, wou mir natierlech Themen wéi kéinten. Allerdéngs muss dat méi laang am Virus geschéien.

Fir Diskussiounen zur Nohaltegkeet an der Umwelt ze lancéieren gëtt et och eng weider Méiglechkeet. D'Klima-Agence, zesummen mam Klimabündnis, huet e Kaartespill rausbruecht, datt een och als „Ice-Breaker“ fir Diskussiounen notzen kéint.

### **GREEN-EVENT fir d'Zukunft**

Mir hunn doriwwer diskutéiert, ob et néideg ass fir d'Check-Lëscht vun der SDK ofzehaken, fir am Endeffekt nohalteg Manifestatiounen an eiser Gemeng ze veranstalten.

Dëst ass natierlech **net de Fall**, well all Veräin ass jo och lo schon dozou ugehal fir sech do op eng nohalteg Schinn ze bewegen.

Allerdéngs ass de Badge vum „GREEN-EVENT“ néideg fir e puer weider Punkten am Klimapakt ze kréien.

An Zukunft wär et da wichteg, wann gréisser Events **vun der Gemeng (net onbedéngt vun der Umweltkommissioun oder dem Klimateam)** dëser Check-Lëscht ënnerzu ginn. Dat muss dann awer och schon 2 – 3 Méint virum Event gemaach ginn a bei der SDK agereecht ginn.

### **KlimaPaktCheck - Tool**

An eng ähnlech Richtung, awer dofir och fir méi kleng Events geduecht, ass de KlimaPaktCheck-Tool.

Hei geet et och drëms fir a regelméissegen Ofstänn, verschidden Events an der Gemeng dësem Check ze ënnerzéien.

Et ass virgesinn, datt 2 – 5 Memberen aus dem Klimateam sech do géifen zesummesetzen an dann den „Check“ maachen. Den Thomas schéckt dozou och nach emol e Link.

Den Thomas huet dohir virgeschloen fir sech am September eng Kéier mat den interesséierten Memberen op der Gemeng ze treffen an eng éischte Kéier zesummen dësen Tool ze gebrauchen. **WIEN DO INTERESSÉIERT ASS, SOLL SECH ROUEG BEI MIR MELLEN** 😊

### **Audit am Hierscht 2022**

Den Audit am Hierscht ass duerchhaus méiglech an d'Ziel fir do op 65% ze kommen ass och realistesch.

Well awer lo och schonn vill Gemengen (48 Stéck) ugefrot hunn fir nach dëst Joer an en Audit ze goen, wär et wichteg fir e fixen Datum unzufroen fir den 2. Audit 2022.

Den Thomas huet do den 25. Oktober 2022 virgeschloen. De Schäfferot misst dat awer nach fir gutt heeschen an déi offiziell Demande fir den Audit ënnschreiwten.

### **Kuerze Feedback zum Klimapaktdag**

Et sinn just 6 Gemengen zertificiert ginn an et war net grad sou grouss opgezunn wéi d'läscht Joer.

Mir hoffen, datt mir dann och nees dat nächst Joer dobäi sinn.

### **EcoSpeedRegion – Tool**

Den Thomas huet proposéiert fir dësen Tool am Summer unzagoen an och auszufüllen. Hei geet et em den CO2-Ausstouss, respektiv CO2-Bilanz vun der Gemeng.

Eventuell kéint een do jo een vun de Studenten drop usetzen.

### **Den Dag vum Bam 2022**

Mir hu nach keen Datum fir den offiziellen Dag vum Bam 2022. De Luc deelt eis deen am Hierscht mat. Soubal e bekannt ass, wärte mir dann och eisen Event an der Gemeng (gläichzäiteg jo och de Bam fir déi Neigebuer vun 2021) festleeën.

Mir probéieren dat jo bewusst net um offiziellen Datum ze maachen, vue datt de Natur- a Geopark Mëllerdall do ëmmer een Event an enger vun de Membergemengen lancéiert. Mir géifen dat dann déi Woch virdrun oder duerno maachen.

Do dernieft ass et natierlech och eis Planzaktioun mat dem Cycle 3.1, déi och em déi Zäit stattfënnt.

De Bam vum Joer ass iwwregens "Rotbuche" (Fagus Sylvatica).

**Ech wënschen iech alleguer e schéine Summer an eng schéin Vakanz.**

**Genéisst et a bleift gesond.**

**Bis am Hierscht 😊**